Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2024

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Esou wéi et eis zougedroe gouf, gouf de Schäfferot vun der Gemeng Waldbëlleg haut doriwwer informéiert, datt den CR118 viraussichtlech vum 22. Januar bis den 29. Februar gespaart gi soll, obwuel hinnen ursprénglech zougesot gouf, datt deen entspriechende Projet net zu enger Spärung géif féieren. Zousätzlech ass d'Eréffnung vum CR356, deen a sou engem Fall déi éischt Ëmgeeungsstrooss géif duerstellen, vum 15. Januar op Enn Mee verluecht ginn. Déi elo duebel Aschränkung féiert zu massiven Ëmweeër, wat an der Konsequenz besonnesch zu Stousszäiten e massiven Zäitverloscht fir d'Schoulbusser a fir all déi Leit an d'Stad musse schaffe fueren, mat sech bréngt. Doriwwer eraus verlängeren sech d'Weeër fir d'Rettungsdéngschter signifikant (Ambulanz aus der Fiels) an d'Regioun verléiert un Attraktivitéit fir den Tourismus.

Op Nofro bestätegen déi Gemengeresponsabel, datt si Ponts et Chaussées eng Alternativ proposéiert haten, déi mat manner Aschränkunge fir den Trafic verbonne wier, mee datt hire Virschlag vu Säite vun der Administratioun kee Suivi krut.

An deem Zesummenhang géife mir der Madamm Verkéiersminister gär dës dréngend Froe stellen:

1) Kann d'Madamm Minister matdeelen, firwat den CR118 entgéint deem wat der Gemeng zougesot gouf, elo trotzdeem gespaart gëtt?
2) Kann d'Madamm Minister matdeelen, firwat där vum Waldbëlleger Schäfferot ausgeschaffter Variant kee Suivi gi gouf, an an deem Zesummenhang déi entspriechend Käschtendifferenz chiffréieren?
3) Am Fall vun enger medezinescher Urgence kënnt et fir d'Rettungsdéngschter op all Minutt un. Kann d'Madamm Minister matdeelen, firwat deem Aspekt hei anscheinend net Rechnung gedroe gëtt?
4) Kann d'Madamm Minister garantéieren, datt d'Aarbechten op den CR118 wéi virgesinn ofgeschloss ginn an datt et net zu onerwaarte Verzögerunge kënnt, déi weider Aschränkunge fir d'Bierger verursaachen?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten